ALEM Studenteninterview

Numm : Marine (22)

Studiestadt : Stroossbuerg

1. A wéi engem Joer/Semester bass du ?

Am 3. Joer

2. Firwat wollts du Medezin studéieren?

Ech hunn mech schon frei bei der Protex (haut CGDIS) engageiert an kruut do eicht Abléck an d'Welt vun der Medizin an relativ schnell war kloer, dass ech och weilt eppes an der Richtung maan.

3. Vu wéi enger Sektioun bass du komm? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn?

Ech war am Schengen Lycée op enger Sectioun H. Ech hat do leider keng Chimie an Physique mei op Première, waat mir den Ufank mei schweier gemaach huet am eichten Joer. Et war awer am Endeffekt keen Hindernis fir mein weideren Studiengang.

4. No wéi engen Critèren soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen?

Menger Meenung no soll een sech eng Staadt eraussichen wou een sech wuel fillt an wou een sech kann virstellen ze wunnen an ze schaffen. Fir mech huet deemols awer och d'Distanz zu Letzebuerg eng grouss Roll gespillt, well een bedenken muss, dass Pendelen vill Zeit hellt.

5. Wéi hues du dir mat der Admissioun gedoen? (Nott, Examen d'admission, etc.)

Ech sinn iwwer d'Uni.lu eran komm, also matt engem CV an enger lettre de motivation. Ech kruut dunn iwwer d'Uni.lu eng Plaatz zu Stroossbuerg.

6. Wat häss du deemools beim Choix, Umeldung oder Ufank kéinten besser mann an wat sinn Tipps déi du engem géings ginn?

Et soll een sech gudd informeieren iwwer dei eenzel Virraussetzungem vun den Universiteiten. An egal op een direkt well an d'Ausland oder net ass d'Uni.lu emmer eng gudd Optioun, op als Plang A oder Plang B, virun allem awer fir Frankreich.

7. Wéi bass du mat denger Uni zefridden?

Am groussen an ganzen sinn ech ganz zefridden matt menger Uni. D'Amicale ass gudd organiseiert an gett engem eng gudd Ennerstetzung, sief et an Form vun Ronéo oder aalen Examen. D'Kueren sinn eng Meschung aus Theorie an Praxis, waat et mei ofwiesslungsreich mescht.

8. Wéi ass et mat der Fräizäit?

Fräizäit ass eng Saach vun Organisatioun. Mol huet een en bessen mei Zeit, mol bessen manner. Matt der Zäit fennt een eraus, weini een sollt besser Leieren an weini een sech kann Oflenkung erlaaben. Daat hängt natiirlech vun jidderengem sengem Rhythmus of.

9. Wat war deng schlëmmsten Erfarung am Studium?

Meng schlemmsten Erfahrung war, wei ech nom 2. Joer Noexamen hat an wousst, dass alles geng vun dem Examen ofhänken. Den Drock war schon extrem heich den Moment.

10. Wat huet dir besonnesch gutt gefall bis lo? Wat war bis elo déi markantsten Erfarung am Studium?

Am beschten gefaalen mir d'Stagen, wou een Patienten geseit an ennersichen dief an probeieren dief eicht Diagnosen ze stellen oder och einfach matt dief an den OP goen. An denen Momenter gett engem nach eng Keier bewosst fir waat een sou vill leieren muss.

11. Sinn deng Virstellungen vum Studium erfëllt bis elo?

Bis elo sinn meng Virstellungen all erfellt ginn och wann ech nie geduecht hätt, dass een sou vill leieren kann.

12. Hues du schon Stagen gemaach? Géings du se éischter zu Lëtzebuerg maachen oder net?

Ugefaangen hunn d'Stagen mam Infirmiersstage nom eichten Joer. Am 2. an am 3. Joer mescht een dann och nach eng Keier Stagen fir ze leieren wei een en Patient ennersicht an fir gudd op den Externat virbereed ze sinn. D'Stagen sinn also en stännegen Begleiter. Bis lo hunn ech just den Infirmiersstage zu Letzebuerg gemaach.

ALEM a.s.b.l.
Association Luxembourgsoise des Etudiants en Médecine
The Luxembourgish Medical Students' Association